



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

11.10.2022

Déclaration du gouvernement
sur la situation économique,
sociale et financière du pays 2022



Verantwortung iwwerhuelen

Xavier BETTEL,
Premier ministre, Ministre d'Etat




Mir iwwerhuele Verantwortung fir eis eegen an eis kollektiv Sécherheet.


Mir sinn net virum russesche President ageknéckt. D'Verdeedege vu Mënscherechter, Fräiheet a Souveränitéit ass eis méi wäert, wéi kuerzfristeg bëllege Gas aus Russland. Et ass e staarkt Zeechen, dat Lëtzebuerg, dat mir alleguer eraus un d'Welt schécken. Et ass och e staarkt Zeechen un all déi, déi mengen, si kéinten eis Wäerter an Iwwerzeegunge mat Erpressung an Droungen erkafen. Mir loossen eis net erpressen.



Lëtzebuerg huet bis haut all
EU-Sanktioun géint Russland
matgedroen an integral ëmgesat.




D'Regierung huet e Plang ausgeschafft, mat deem
mir an de nächste Joren eis Militärausgabe massiv
an d'Luucht schrauwen.



Fir déi éischte Kéier an der
Lëtzebuerger Geschicht hu mir
schwéier Waffen an en aktiivt
Krichsgebitt geliwwert.


De Klima- Biergerrot ass eng Erfollegsgeschicht

D'Membere vum Klima-Biergerrot hunn ambitiéis a couragéiert Propositionen ausgeschafft. Elo ass et un der Politik duerch eng ambitiéis Klimapolitik dësem Courage gerecht ze ginn.




Ausbau vun den erneierbaren Energien

Erneierbar Energië sinn e wichtige Bausteen vum Klimaschutz a vun eiser nationaler Versuergungssécherheet.




Den Ausbau vun erneierbaren Energien geet a volle Schrëtt weider.



Am Juli dëst Joer hunn eis Fotovoltaik-Anlage bal duebel esou vill Stroum produzéiert wéi nach de nammlechte Mount dat lescht Joer.




Op all nei Konstruktioun soll eng Fotovoltaik-Anlag installéiert ginn.




Bis 2026 sollen 10% vum järeleche Stroumverbrauch an de staatleche Gebaier iwwer eege Fotovoltaik-Anlage gedeckt ginn.

D'Energietransitioun nach méi séier virundreiwen

Mir hätte gärén, datt all Propriétär a Locataire an deenen nächste Jore vun enger energieetescher Sanéierung profitéiere kann.



Mir erhéijen de scho besteende Bonus fir d'Ersetze vun enger Heizung mat fossille Brennstoffer duerch eng méi klimafrëndlech Heizung op 50%.






TVA-Taux fir eng nei Fotovoltaik-Installatioun gëtt op 3% erfogesat.

Elektromobilitéit hëllt Faart op

Och an der Mobilitéit musse mir vun de fossillen Energien ewechkommen.




Am Juli 2022 sinn
690.000 kWh = 4,6 Mio km
grénge Stroum op
ëffentleche Borne
getankt ginn.
déi elektresch
konnte gefuer ginn.





Mir schaffen haut un der Mobilitéit fir muer

Den öffentlichen Transport muss a wäert an deenen nächste Jore weider ausgebaut ginn, fir datt d'Bierger zu Lëtzebuerg eng mindestens gläichwäerteg, wann net esouguer besser Alternativ zum Auto hunn.




Bis 2024 soll déi gesamt Streck vum Tram a Betrib geholl ginn.




Héich Investitiounen an d'Land, d'Leit an d'Betriber

A Krisenzäite musse mir méi Suen ausginn. Et wier genee de falsche Wee a schwéieren Zäiten ze spueren. D'Regierung huet dofir massiv Suen an d'Mënschen, d'Betriber an d'Zukunft vum Land investéiert. Zanter dem Ufank vun der Pandemie hu mir eleng 5,5 Milliarden Euro fir Hëllefspäck ausginn. Mir iwwerhuelen haut Verantwortung, fir datt et eis och muer nach ëmmer gutt geet.

Solidaritéitspak 1.0 + 2.0



Eis Wirtschaft gehéiert zu deenen an Europa, déi sech no der Pandemie am beschten erholl hunn an am meeschte gewuess sinn.



Dat nächst Joer wäerten déi öffentlech Investitiounen bei bal 3,8 Milliarden Euro leien.

Investitiounen an d'Digitalisatioun


D'Digitalisatioun fänkt beim Staat un, dee säi Service fir d'Bierger a Betriber esou einfach an effikass wéi méiglech gestalte soll.



D'Regierung stellt eleng fir den Zentralstaat an de nächste 6 Joer iwwer 2 Milliarden Euro fir d'Digitalisatioun zur Verfügung.




Am eGovernment Benchmark 2022 vun der europäescher Kommissioun positionéiert sech Lëtzebuerg op der exzellenter 3. Plaz vu 35 Länner. Dat ass eng international Unerkennung déi weist, datt eis Efforten hir Friichten droen.



An och d'Bierger notzen ëmmer méi déi digital Servicer vum Staat.

MyGuichet App






säit Juli 2021

238.000
Downloads

D'App gëtt konstant weiderentwéckelt, esou datt de Bierger ëmmer méi Demarchen iwwer den Handy maache kann.


Bezuelbare Wunnraum schaffen

Déi ëffentlech Hand wäert weider konsequent a bezuelbare Wunnraum an all de Regiounen vum Land investéieren.




Aktiv géint Spekulatioun virgoen


D'Spekulatioun mat Bauland
bekämpfen a massiv Bauterraine
mobiliséieren.



Eng nei sozial gerecht Grundsteuer, wou
déi Propriétaires, déi Terrainen net
bebauen oder Wunnéngen eidel stoe
loossen, däitlech méi bezuele müssen.




En Instrument fir géint d'Spekulatioun mat
Bauterraine virzegoen an d'Schafe vun
neie Wunnengen ze fërderen.




An Zukunft däerf all Persoun just nach
zwee Mol an hirem Liewe während fënnef
Joer vum taux d'amortissement
accéléré profitéieren.

Méi gerecht Wunnehëllefen

Déi staatlech Hëllefen an
Investissementen mussen méi gerecht a
méi cibléiert ginn. Mir wäerten de
Privatmarché besser reglementéieren
an den Eenzele besser schützen.




An der Tripartite vum Mäerz hu mir zesumme
mat de Sozialpartner decidéiert,
d'Loyerssubventioun ze verduebelen.



Mir setzen d'Deckelung vun de Loyer
vun haut 5% vum investéierte Kapital, op
3,5% erof an esouguer op 3% fir Wunnenge
mat niddereger Energieeffizienz.


Eng „nei“ Normalitéit nom Covid

Mir wëssen net wat d’Zukunft eis bréngt, mee mir droen der Vergaangenheet Rechnung fir all Eventualitéit ze preparéieren. Mir si prett op en Neits Verantwortung ze iwwerhuele wann et néideg ass. Mir musse besser op eng zukünfteg Pandemie preparéiert sinn. D’Regierung hält déi vill Recommandatioune vun der OECD ganz eescht.



E méi performanten, bezuelbaren an inklusive Gesondheets-secteur


De Covid huet eis méi wéi däitlech an Erënnerung geruff, wéi wichteg e gutt funktionéierende Gesondheetssystem ass. D'Regierung schafft permanent un engem nach méi performante Gesondheetssystem, fir eist Liewen an eis Gesondheet an Zukunft nach besser ze schützen.




Nei medizinesch Zentren erméiglechen de Bierger e besseren an dezentralen Accès op Servicer wéi zum Beispill Radiologie an IRMen.



De Staat investéiert 556 Milliounen Euro an den Neibau vum CHL, an deen och en Häerz-Zenter integréiert gëtt.



Mam Aféiere vun der Couverture universelle des soins de santé sinn och déi Mënsche bei der CNS verséichert, déi zwar zu Lëtzebuerg liewen, mee bis elo keen Zougang zu Gesondheetsleeschungen haten.




Duerch déi automatesch Prise en charge brauch ee keng Sue méi virzestrecken, déi vun der Krankeversécherung iwwerholl ginn.

Eng lieweg Demokratie


Mir iwwerhuele Verantwortung fir eng Gesellschaft, déi och an Zukunft a schwierige Momenter zesummesteet. Andeem s mir d'Bierger besser an déi politesch Entscheedungen mat abannen an de Staat méi transparent gestalten.



Mir stäerken den Zesammenhalt an der Gesellschaft mat méi Sozialdialog a Biergerbedeelegung, mat engem Gesetz fir interkulturellt Zesummeliewen an engem Aktionsplang géint d'Radikaliséierung.



Mir hunn d'Walgesetz ofgeännert, sou datt d'Wunnsätzklausel vu fënnef Joer fir auslännesch Matbierger eweschfält an den Delai, fir sech kënnen anzeschreiwen, verlängert gëtt.



Mir wäerten de Prinzip vum Open Data komplett op de Leescht huelen. D'Regierung wäert de Ministèren a Verwaltungen déi néideg finanziell, personell an digital Ressourcen zur Verfügung stellen, fir datt den Open Data net nëmmen um Pabeier existéiert, mee am öffentlichen Alldag gelieft gëtt.